



CSV
GEMENG HABSCHT

# EIS KANDIDATEN

11. Juni 2023





## FIR IECH. MAT IECH.
## ZESUMME FIR D'GEMENG HABSCHT.

Léif Awunner vun Äischen, Gräisch, Habscht, Rued a Simmer,

Den 11. Juni si Gemengewalen. Et ass no der Fusioun déi éischte Kéier wou mer e Gemengerot zesumme fir d'ganz Gemeng wielen.

Den aktuelle Gemengerot huet no der Fusioun iwwergangsweis aus 15 Membere bestan, 11 aus der fréierer Gemeng Habscht no dem Proporzsystem gewielt (Lëschten) a 4 aus der fréierer Gemeng Simmer no dem Majorzsystem (Eenzelkandidate) gewielt.

Den neie Gemengerot dee mir am Juni wielen huet am ganzen 11 Memberen, déi normal Zuel déi d'Gesetz virgesäit fir eng Gemeng mat 5.000 Awunner. Gewielt gëtt an der ganzer Gemeng no dem Proporzsystem, also no Lëschten.

Déi 11 Kandidaten déi mir Iech op onser Lëscht proposéieren, 4 Fraen a 7 Männer, stellen sech an dëser Publikatioun vir.

Ons Kandidate gi vun Alter, Ausbildung, Beruff a sozialem Engagement queesch duerch ons Gesellschaft.

Hier Liewens- a Beruffserfarung, hiert Engagement an de Veräiner, hier Erfarung an der Gemeng sinn ons Garantie un Iech, fir och weiderhin eng seriö an effikass Gemengepolitik!

Biergerno, éierlech an transparent wëlle mir ons och an Zukunft asetzen, fir d'Liewensqualitéit an all onsen Uertschaften, mat enger Politik déi d'Leit zesumme bréngt.

De Walprogramm mat onse konkreete Virschléi wäerte mir Iech geschwënn zoukomme loossen.

Mir bieden Iech em är Ënnerstëtzung an äert Vertrauen, fir dass mir ons och weider asetze kënne fir eng dynamesch, Service-orientéiert an nohalteg Gemeng Habscht!

***SERGE HOFFMANN***
Buergermeeschter



**SERGE HOFFMANN**
56, Habscht

- Jurist beim Finanzministère
- gepacst
- Buergermeeschter
- Vizepresident Syvicol

Säit 2000 sinn ech an der Gemengepolitik aktiv, als Buergermeeschter vun der aler an zënter 2018 vun der fusionéierter Gemeng Habscht.

Modern an effikass Gemengeservicer, gutt Schoulen a Betreiungsstrukturen, propper a sécher Dierfer, eng nohalteg Entwécklung fir d'Liewensqualitéit, dat si meng Prioritéiten.

Och wichteg ass e gutt Zesummeliewen vun allen Awunner, egal wéi en Alter, Nationalitéit oder perséinlech Situatioun. Hei hunn d'Veräiner eng wichteg Roll a verdéngen ons Ënnerstëtzung, genau wéi d'Jugendhaus, den "Treff" an deemnächst de CIPA.


Bezuelbare Wunnraum a Verkéiersberouegung si just 2 Themen, wou mir haut dru schaffen a wou ech voll motivéiert sinn mech weider anzesetzen.

# FIR IECH. MAT IECH.

## ZESUMME FIR D'GEMENG HABSCHT.

Eis Kandidate fir d'Gemengewalen

**LËSCHT 4**





**JIMMY CARELLI**
30, Habscht

- Geschichtsprofesser
- Conseiller
- President vun der Jugendkommissioun
- Member an der Kultur- a Schoulkommissioun

Sech an der Politik engagéieren, heescht fir mech Responsabilitéit a Verantwortung ze iwwerhuelen, no bei de Leit ze sinn, an ëmmer een oppent Ouer fir hir Froen an Suergen ze hunn. Duerch dJugendkommissioun läit mir d'Integratioun vun deene Jonken an Duerfliewen besonnesch um Häerz. Gläichzäiteg ass et fir mech wichteg den Zesummenhalt an d´Kontakter tëschent de Generatiounen an onser Gesellschaft ze stäerken. Als Veräinsmensch gehéiert d´-Zukunft vun de lokale Veräiner zu menge Prioritéiten.

Mat mengem Engagement a menger Leidenschaft fir Lokalpolitik wëll ech mech weiderhin asetzen, dat mir eng liewenswäert a biergerno Gemeng bleiwen an der jiddereen sech wuel fillt.



**PATRICIA EWEN**
34, Simmer

- Léierin
- gepacst an 2 Kanner

Ech wunne säit menger Gebuert zu Simmer. Scho ganz jonk wosst ech, dass ech mat Kanner wéilt schaffen an hu mäin Diplom als Spillschoulsjoffer zu Baschtneg gemat.

Ech schaffen am Précoce zu Beetebuerg wat mir erméiglecht meng sozial an teamfäheg Kompetenzen anzesetzen.

Säit mengem 8. Liewensjoer spillen ech Trompett an der Simmer Duerfmusek a säit 6 Joer sin ech Präsidentin a Sekretärin. Desweideren sin ech an der Harmonie Äischen aktive Member.

Mat deene Kompetenzen engagéieren ech mech um Niveau vun der Gemengepolitik all ustoend Aufgaben unzegoen an ze léisen am Intérêt vun all Bierger. Ech begréissen e solidarescht Zesummeliewen an eng gelongen Integratioun vun deenen diversen Nationalitéiten an eiser Gemeng.



**CHANTAL BOULANGER-HOFFMANN**
58, Äischen

- Schäffen

Ech sinn Hausfra, bestuet a Mamm vun 2 erwuessene Kanner. Zanter menger Kandheet wunnen ech zu Äischen. No menger berufflecher Karriär als Sekretärin hunn ech mech dofir entscheet doheem bei menge Kanner ze bleiwen.

Am Gemengerot sinn ech vun 2011 un a säit de leschte Walen 2018 hunn ech d'Éier am Schäfferot vun der neier Fusiounsgemeng Habscht ze sinn. Och weiderhi sinn ech motivéiert derzou bäizedroen, dass et attraktiv bleift an all eisen Uertschafte vun der Gemeng Habscht ze liewen.

Besonnesch interesséiert mech d'Zesummenaarbecht mam Club Senior, der Jugend an och mat de Veräiner. Meng Fräizäit verbréngen ech am léifste mat menger Famill a mat Frënn awer och vill an der Natur an eisem schéinen Äischdall.



**CONNY KONEN**
25, Äischen

- Student am leschten Joer fir Schoulmeeschter
- President vum Club des Jeunes Äischen
- Komiteesmember vun der Harmonie Äischen

Säit Januar 2019 sinn ech President vum Club des Jeunes Äischen an hu Freed dorun entwéckelt, mech aktiv un der Gestaltung vun eisem Duerfliewen ze bedeelegen. Dëst Engagement wëll ech zesummen mat der Equipe vun der CSV nach weider ausbauen an der Jugend an de Veräiner aus der Gemeng Habscht eng Stëmm ginn. Als ugoende Schoulmeeschter läit mir och besonneg d'Wuel an déi beschtméiglech Bildungsviraussetzungen fir eis Kanner um Häerz. Wann ech meng Fräizäit net grad mat der Musek verbrengen, probéieren ech leidenschaftlech gär nei Sportaarten aus oder verbrenge schéi Momenter mat menger Famill, menge Frënn a menge Muppen.



***POL KONZ***
28, Äischen

- Techniker (13ème Lycée des Arts et Métiers)
- Salarié bei Ponts et Chaussées
- Sekretär vun der Jugendkommissioun

Ech wunnen säit menger Gebuert zu Äischen. 2002, hunn ech an den Jugendpompjeeën an der Gemeng Habscht ugefaangen, wou ech säit 2010 fräiwëlleg aktiven Pompjee sinn, haut dem CIS Habscht. Dofir ass et mir wichteg, sech fir een séchert d'Liewen an eiser Gemeng anzesetzen.

Andeems mir als Jugendkommissioun mat de Jugendveräiner an der Maison des Jeunes aus der Gemeng gutt zesumme schaffen an esou matkréie wat d'Intresse vun eiser Jugend ass, géif ech mech gären fir déi jonk Leit aus eiser Gemeng asetzen.

Am allgemengen sinn ech een Veräin-verbonnenen Mënsch. Nieft den Pompjeesveräiner an eiser Gemeng sinn ech Member an der JOC Habscht.



***ASTRID MOSEL-KNEIP***
63, Rued

- Wittfra mat 2 erwuessenen Kanner
- Personaldelegéiert a Member vum „Board of Directors op der Cargolux.
- Schäffen a Presidentin vun der Integratiounskommissioun

Zenter 2011 sin ech an der Gemengepolitik aktiv. Als Schäffen an der Gemeng Simmer, an duerno als Conseiller a Schäffen zu Habscht.

Schoul a Kannerbetreiung, Jugend a Senioren, Soziales an Integratioun, Sport a Kultur, Schafe vun bezuelbarem Wunnraum souwéi Infrastrukturen am Allgemengen sinn Sujeten déi mir wichteg sinn. Woubäi Integratioun mir besonnesch um Häerz läit. Openeen duergoen, mateneen liewen an erliewen. Duerch mäi Beruff, hunn ech geléiert nozelauschteren an konstruktiv Léisungen ze sichen. Eng Kompetenz déi ech och gären weiderhin an den Déngscht vun eiser Gemeng stellen géif.



***STEPHAN KRIER***
30, Habscht

- Aarbechter op der Gemeng Stengefort – CATP Schräiner
- Secrétaire an der Chancengläichheet a Generatiounskommissioun
- Member an der Jugendkommissioun

Ech sinn en engagéiert a pragmateschen Mënsch. Veräiner an en gutt Zesummeliewe leie mir um Häerzen. An der Joc hunn ech als Keessjee fréi geléiert Responsabilitéit ze iwwerhuelen a scho bal 1 Joerzéngt hunn ech d'Éier de Veräin ze féieren. An der Entente setzen ech mech als Secrétaire fir en gutt mateneen ënnert de Veräiner an. Mat den Traditiounsfrënn Habscht probéieren mir al Traditiounen um Liewen ze halen.

Duerch mäin Accident an meng Erfarung beim Rettungsdéngscht, weess ech ewéi wichteg Sécherheet an Gesondheet am Alldag ass. An mat genau sou vill Engagement an Dynamik wëll ech mech fir jidder Matbierger asetzen.



***DIANE WELTER-KARGER***
48, Habscht

- bestuet -1 Bouf
- Educatrice - Instructeur bei der Ligue HMC
- Presidentin vun der Chancegläichheetskommissioun
- Représentante vun der Gemeng am Office Social Stengefort

Beruflech sinn ech Responsabel vum Second Hand Shop fir Kanner vun der Ligue HMC zu Capellen.

Ech schaffen mat Leit zesummen déi eng intellektuell Behënnerung hunn an erméiglechen hinnen Erfahrungen ze sammelen, fir spéider an engem Beruff ze schaffen an esou autonom wéi méiglech ze sinn an hirem Liewen.

Dat ass fir mech eng Erausfuerderung un déi ech mat vill Engagement eru gin. Zesummen mat der CSV wëll ech mech dofir asetzen, dass jiddereen sech an onser Gemeng wuel fillt. Et sinn an deenen leschten Joren ganz vill flott Projeten realiséiert gin an dat soll sou weidergoen.



***CARLO MOES***
61, Äischen

- pensionéierte Bréifdréier
- Schäffen

Besonnesch wichteg ass et mir an de kommenden Joren nach méi erschwéngleche Wunnraum ze schafen. Dofir muss et weider an déi Richtung goen, domat eis Jugend a jonk Familljen sech kënnen eent bezuelbaart Doheem erméiglechen.

Des Weidere musse mir och an Zukunft eng attraktiv a lieweg Gemeng bleiwen an en Zesummeliewe vu verschiddene Generatiounen an Nationalitéiten an enger gudder Liewensqualitéit garantéieren.

Et ass noutwendeg, dass mir och nach weiderhin an erneierbar Energie investéieren, manner ofhängeg an och méi nohalteg ginn. Mer hunn d'Chance, dass mir an esou enger schéiner Gégend kënne liewen, an et wier flott wann mer eis Gemeng och kënnen no baussen nach méi bekannt maachen an esou den Tourismus fuerderen.



***NELLO ZIGRAND***
65, Äischen

- pensionéierte Sekretär vun der Militärmusek
- Gemengeconseiller
- Member vum Sicona-Zentrum

6 Joer als Gemengeconseiller an enger staarker CSV Equipe hu mech dozou beweegt nach eemol ze kandidéieren. Erfarung, perséinlech Reflexioun a positiv Gespréicher am Konsens hunn des Decisioun erméiglecht. Als Equipe gouf villes realiséiert. Mat Elan wëlle mer weider suergen dat keng Beräicher enger konstruktiver Diskussioun ausbleiwen. Budgetsméisseg steet Gemeng gutt do. Kee gouf vergiess och net déi eeler Generatioun. Als eelste vun den CSV Kandidaten ass meng Motivatioun intakt. Meng vill Aktivitéiten an de Veräiner, Kommissiounen oder am Sicona beweise mäint Engagement.

Meng Famill ass mer äusserst wichteg. Meng Gesondheet och, a versichen dës mat Gymnastik ze ënnerhalen.





# POUR VOUS. AVEC VOUS.
# ENSEMBLE POUR LA COMMUNE DE HABSCHT.

Chers habitants d'Eischen, Greisch, Hobscheid, Roodt et Septfontaines,

Les prochaines élections communales auront lieu le 11 juin. C'est la première fois après la fusion que nous élisons ensemble un conseil communal pour la commune dans son ensemble.

Le conseil communal actuel est à titre de mesure transitoire après la fusion de 2018 composé de 15 membres, dont 11 issus de l'ancienne commune de Hobscheid élus au scrutin proportionnel (listes) et 4 issus de l'ancienne commune de Septfontaines élus au scrutin majoritaire (candidatures individuelles).

Le nouveau conseil communal que nous sommes appelés à élire en juin comptera au total 11 membres, la composition normale que la loi prévoit pour une commune de 5.000 habitants. Le vote se fera dans toute la commune selon le système proportionnel, c'est-à-dire par listes.

Vous trouverez ci-après les données des 11 candidats, 4 femmes et 7 hommes, que nous vous proposons sur la liste du CSV. La diversité des âges, formations, professions et engagements sociaux de nos candidats est représentative de la population de nos villages.

Leurs expériences de vie, de vécu professionnel, d'engagement dans les clubs et dans la commune sont la garantie que nous vous offrons pour une politique communale sérieuse et efficace également à l'avenir.

Proche du citoyen, honnête et transparente, voilà la politique que nous poursuivons, une politique qui rassemble et ne divise pas.

Nous vous présenterons nos propositions concrètes pour le développement de notre commune dans une brochure à part qui vous parviendra prochainement.

Nous sollicitons votre soutien et votre confiance pour pouvoir continuer à nous engager pour une commune de Habscht écoresponsable et dynamique, au service de ses habitants et dans laquelle il fait bon vivre!

***SERGE HOFFMANN***
Bourgmestre

